E Päerd gouf virun een Teimer gespaant, Stréi gouf drann getesselt an eng hallef Dosen Verwondter gouf drop geluecht, ënnert hinnen och de Jang vu Schieren. Alles huet sech ofgespillt beim Aschlag vun de Granaten, duerfir huet et geheescht sou séier wéi méiglech aus der Feierzon rauszekommen. Mir waren knapps um Teimer installéiert, dunn huet de Kutscher dem Päerd d'Gäissel ze schmaachen ginn, an dunn gong besonnesch fir di schwéier Verwondten e Calvaire un. D'Päerd ass gerannt mat äis, de Kutscher huet gejaut an ëmmer nëmmen bei de Biddi gemeet, di Blesséiert hu gejéimert a gebierelt vu Peng, besonnesch déijéineg déi e Bauchschooss erwëscht haten, konnten d'Péng net méi aushalen. A wann s eng Waff gehat hätten, si hätten de Kutscher erschoss. Mee trotz all deene Qualen ass alles gutt zu Enn gaangen, de Kutscher huet äis mat sengem Päerd an dem Teimer iwver den haard gefruerene Buedem glécklech aus der Feierzon rausbruecht an eis um klengen Hafen Rosenberg um „Frischen Haff“ ofgeliewert.

Rosenberg an Balga waren di lescht kleng Häfen an domat di lescht Méiglechkeet fir aus dem Kessel vun Ostpreussen rauszekommen; de „Frischen Haff“ ass eng Bucht dei duerch d'Nehrung (Dün) vun der Ostsee getrennt ass. Mir goufen dunn vun hei aus mat enger Fähr no Pillau un d'Ostsee verschéfft. Et war héich Zäit dat mer hei erauskomm sinn, well d'Russen schon bis 12 Kilometer un den Haff virgeréckt waren an dach huet et bis den 25. März gedauert ier Heilenbach an den Hafen vu Rosenberg vun de Russen besat goufen.


Pillau war 1939 eng Stad vun 12.400 Awunner, bekannt als „Tor zur Ostsee“ an hat 2 Häfen, een Zivil- en een Militärhafen. Et war deen leschten Fluchtwee fir vun Pillau aus iwver d'Ostsee mam Schëff aus Ostpreussen rauszekommen. Op enger Drobier hunn 2 Zaldoten mech an e grousst Lazarett geschleeft, ech konnt wéinst menger schwéier Verletzung net goen, d'Schëller hat keen Halt méi an all Schratt ass zur Qual ginn. Pillau huet nëmmen sou gewimmelt vun Flüchtlingen a Verwondten, alles war iwverfëllt an ech war frou wéi meng zwee Dréier an de laangen Reien vun Schwéierblesséierten eng Plaz fir mech fonnt hunn. Eng litauesch Krankeschwëster huet sech hei em mech bekëmmert, et war dat éischt Meedchen wat ech no laange Méint gesinn hunn a mat deem ech konnt e puer Wuert schwätzen. Et huet och fir meng Verfliegong gesuert, mä ech krut beim beschte Wëllen nach keen Maufel of, den Appetit war mir einfach vergaang. Ech hat d'Chance fir deen aneren Moien direkt op „d'Schluetchbänk“, dat heescht, den Operationsdësch ze kommen. D'Doktoren hunn d'Wonn frësch verbotzt, Knachesplitteren goufen rausgezunn, mat enger Flëssegkeet gouf d'Wonn ausgespullt an een neien Verband gouf ugeluecht.

D'Schlussfolgerong war: „Schulterblatt und Kugelgelenk zertrümmert, Schlüsselbein verletzt, fähig für sofortigen Heimtransport, nicht gehfähig.“ Wieder wei Heimtransport hu méi gewierkt wéi di beschte Medizin, si hunn engem Courage an Hoffnung gemeet, d'Gedanken waren nëmmen op dest Ziel geriicht: De Wee fir heem. Mäin Openthalt zu Pillau sollt vu kuerzer Dauer sinn, d'Doktoren haten mech fräi ginn fir den Transport, meng Schëffskaart hat ech schon beim Feldstandort Heiligenbeil krit, sou datt nach just



FLÜCHTLINGE IM HAFEN VON PILLAU: Regelmäßig Chaos am Kai

d'Schëff gefeelt huet, wat och no zwee Deeg an den Hafen koum. Do hat ech d'Chance op der Drobier als Passagéier op deem schéinen Luxusdampfer matzufueren. Ech koum an eng schéin Kabinn leien, ech hu mech gewonnert iwwer den Luxus op deem Schëff an ech hu mer weider och keng Gedanken gemeet iwwer d'Gefor, där mir ausgesat waren fir iwwer d'Ostsee ze schaukelen.



De Billje fir vun Pillau aus op Danzeg ze kommen

Vun de Schëffer, déi d'Russen well op hirem Heimtransport torpedéiert haten a wou Dausende vu Mënschen mat ënnergang waren, dovun hate mir bis dohin näischt héieren. Et war och besser sou. D'Mier war stiermesch ginn an mir hu misse waarden bis den nächste Moien fir an den Hafen vun Danzeg ranzufueren. Danzeg, op polnesch Gdansk, war nom éischte Weltkrich zum Freistaat erkläert ginn a vun engem Völkerbundskommissär verwalt ginn. D'Polen kruuten iewer d'Erlaabis fir vum Hafen ze profitéieren, fir en auszubauen, fir Krichsmaterial a Wueren an den Anlagen ze stockéieren a fir eng Kasär vun der Stierkt vun enger Kompanie ze installéieren. Doniewend huet nach den polneschen Korridor bestan. Et war e Landsträifen vun 30 – 50 km Breet an huet Polen mat der Ostsee verbonnen an Ostpreussen vum Rescht vum Däitsche Räich getrennt. Des Situatioun, entstan duerch de Versailler Vertrag, gouf dann och dem Hitler den Ulass fir mam mäerdereschen 2. Weltkrich lasszeschloen, an zwar an der Nuecht vum 31. August op den 1. September 1939, genee um 4.45 Auer, wéi hien Polen iwwerrannt huet a gezwongen huet den 6. Oktober e gudde Mount duerno, ze kapituléieren. 694.000 polnesch Zaldoten sinn an däitsch an 217.000 a russesch Gefaangeschaft geroden. Souwäit e kuerzen Réckbléck op den deemolegen Freistaat Danzeg.

Wei d'Mier sech berouhegt hat, konnte mer an den Hafen vun Danzeg alafen, et gouf rëm déiselwecht Prozedur fir di Blesséiert vum Schëff ze bréngen an se op di verschidden Lagerhalen ze verdeelen, déi als Openthalt respektiv Lazarett gedéngt hunn a wou Dausende vu Verwondte drop gewaart


hunn, fir mat méi engem groussen Schëff iwwer d'Ostsee de Russen ze entkommen. Mir louchen an enger Hal mat engem deelweis gleesenen Daach a wéi et an der Nuecht Fligeralarm gouf, hu mer duerch den Daach gesinn, wéi et dobaussen hell ginn ass wéi am Dag. Mir hu gefaart d'Russen géifen äis mat Bomben de Rescht ginn, mä et ass awer dunne beim Fligeralarm bliwwen a mir konnten nees opotmen. Wéi schon

gesot, hat ech virdrun keen Appetit an hunn ze soen näischt giess, mä hei hat ech op emol de géien Honger an di puer Mäifel déi ech du kruut, gongen nit duer fir deen hongereg Mo ze berouhegen.

Trotz der miserabler Situatioun ass hei een opgetrueden an huet versicht mat Heimatmelodien déi vum Krich béis Gezeechent opzemonteren an hinnen Courage ze maachen. No puer Deeg goufe mer vun eisem Baangen erléist wéi et geheescht huet, et wier e Schëff fir eis do. Et sollt iewer net nëmmen een Schëff sinn, eng ganz Réi vun Schëffer vun alle Kategorien waren ukomm fir d'Heimkehrer u Bord ze huelen. Ech gouf op engem alen Kuehlendampfer „Kohlenpott“ ënnerbruecht, op Stréi getesselt ënner Honnerten vu Leidensgenossen. D'Prozedur fir hei op der Brëtsch an de Bauch vum Schëff ze kommen ass op eng mechanesch Manéier geléist ginn. Ech gouf op der Brëtsch op eng Plattform plazéiert a mat engem Kran héich duerch d'Luucht op d'Schëff gehuewen.

Mir sinn dunne e Stéck op d'Mier rausgefuer an do huet et geheescht op d'Opstellung vun engem ganzen Convoi vu Schëffer waarden. Nom Ënnergank vun 4 groussen Schëffer koum den Uerder raus, dat keng Passagéier an Handelsschëffer dierften ouni Begleitschutz vu Krichsschëffer rausfueren. Di 4 Schëffer, Goya mat 6666, Arcona mat 5594, Wilhelm Gustloff mat 5384 an Steuben mat 3608 Leit sinn alleguer ënnergaangen. Vun deenen Tragedien hate mir keng Ahnung, bei de ganzen Evakuatiounen an dëser Géigend iwwert d'Mier sinn 33.082 Leit erdrong, mä et sinn der awer och 2.401.367 gerett ginn. Un deenen Aktiounen waren 1.081 Schëffer bedeelegt, dovunner 672 Handels- a Passagéierschëffer an 409 Krichsschëffer. Vun deenen 1.081 Schëffer sinn der 329 sou schwéier duerch russesch Ugrëff bescheedegt ginn, dat si ënnergang sinn. Souwäit dësen klengen Iwwerbléck iwwer d'Ausmooss vun den Rettungsaktiounen vun Ostpreussen iwwer d'Ostsee, zugläich och meng Rettung ënnert deenen Honnertausenden.

Den nächsten Dag war den Convoi ënnert der Eskorte vu Krichsschëffer zesummegestallt an d'Rees iwwer d'Mier gong lass. D'Mier war onrouheg, de Kahn huet geschaukelt, mee d'U-Booten hunn äis a Rouh gelooss grad sou wéi di russesch Fligere, fir déi d'Wolléken ze déif hongen. Trotz deene villen Leit hunn d'Verflegung an och di medezinesch Betreuung geklappt, et konnt e bal soen, den Zoustand war den Verhältnissen no optimal; du koum et zu engem Zwëschefall téschent zwee Lëtzebuerger, an zwar téschent mir an engem Lëtzebuerger Preiss.



„WILHELM GUSLOFF“ nach als Luxusschëff

Am Laf vun de Gespréicher mat mengen Noperen um Stréikoup freet deen, deen direkt riets niewend mir louch an bei deem d'Sëlwerklappen vum Ënneroffizéier op senge Schëlleren geblénkt hunn, wou ech dann hir kéim. Ech hun him natierlech och op däitsch geäntwert „Von Luxemburg“, a prompt koum d'Äntwert op lëtzebuergesch zréck „ma an ech och“. „Vu wou bass du dann“ frot hien, ech sot „Vu Schieren, an du“ „Vu Mamer“ sot hien. Ech duecht direkt dat do ass denger keen, well een Lëtzebuenger als preiseschen Ënneroffizéier, dat kann nëmmen e Fräiwëllegen sinn an domat war och schon all Gespréich téschend eis zwéin eriwwer. Wat fir eng Kreatur hien war, huet en duerno bewisen; ech hat niewend menger Wonn och nach eng Bronchite erwëscht, wou den Houscht gewéinlech nit ausbleiw. Ech hunn deemols gefaart, d'Longen hätten eppes matkritt, wat iewer nit de Fall war. Hei hunn ech och rëm eng Kéier missten houschten an ech koum nit hannert den Schläim an der Strass. Du huet

d'Fauscht vum Lëtzebuenger Ënneroffizéier mir an d'Gesicht gekraacht, dat ech d'Stäre gesinn hunn. Et ass zwar traureg fir ze soen, di däitsch Jongen déi nach goen konnten, hunn de faulen Lëtzebuenger mam Wéckel geholl a gebändegt. E vun hinnen huet d'Meldung gemeet an gläich drop ass de Schëffsdoktor mat 2 Sanitäter komm. De Borscht gouf ofgeféiert, méi wi sécher hat en sech op d'Schëff rageschmuggelt, well eng Bless huet een nit gesinn bei him. Ausser enger schéiner bloer Plaz am Gesicht war mer nit vill geschitt, d'Moral hat méi gelidden wéi d'Gesicht. Den Doktor war e feinen Käreel, ech kruut dunn eng besser Plaz an hien huet mir zwee Rëpper Schokela an eng gutt Taass schwaarzen Kaffi bréngen gelooss fir mech rëm opzemonteren. Ech hun deen Lëtzebuenger nit méi rëmbegéint an nom Krich och nit gefrot, wien dat Scheusal soll geweescht sinn.

D'Faart gong weider iwwer d'Mier ouni eeschten Zwëscheffall mat de Russen. Jidder Schëff kruut säin Bestimmungshafen ugewisen wou et misst uleeën an dat war nit einfach well iwwerall alles iwwerfëllt war mat Flüchtlingen a Verwondten. Ech hu mech gefrot wuer steieren se mat dir hin, op d'Insel Rügen, Kiel, Lübeck oder vläicht Dänemark, dat wier nit sou schlecht; nee, et sollt Stralsund sinn. Hei goufen di Schwéierverwondten rëm mam Kran vum Schëff gehuewen, an ech hätt am léifsten den Buedem gekéssst wéi ech rëm u Land war. Stralsund, e bëssen verstoppt hannert der Insel Rügen, sollt mäin

Openthalt ginn bis Ouschterméideg. Ech kruut iewer nach Plaz an engem vun deenen iwwerfëllten Lazaretter. Ier mer an d'Bett koumen, huet jiddereen e grëndlechen Entlausungs- a Reinigungsprozess matgemeet, well et war néideg. Un der Front blouf keng Zäit fir sech ordentlech ze wäschen a fir d'Läis ze sichen, obschon ech d'äer bis dohinner nach keng hat. Mir goufen an eng Bidden gestach a sinn vun ënnen bis uewen geschruppt ginn, de Buuscht dee gouf mat enger Flëssegkeet traitéiert, déi nit grad no Parfum geroch huet. Mäin lénken Arem hat ech bis dohinner an enger Schléng hänken, wat iewer keng Stäip war fir di kapotten Schëller. D'Dokteren hu mir duerfir e Gipsekorseli ugeluecht, genannt Stuka, deen de ganzen Uwerkerper ëmginn an de lénken Arem an eng gehuewe Positioun bruecht huet. Just am Réck vum Gips war eng Fënster fir no der Wonn ze kucken. Dat gouf eng grouss Ëmstellung fir mech, fir am Bett de richtegen Leeër a besonnesch de Schlof ze fannen. No en etlech Deeg kruut ech

eng Péng an d'Schëller, déi bal net auszehalen war. An der Wonn war awer näischt Aussergewéinlech, a wéi ech dunn e Gummisreef kruut, wou d'Schëller an der Mëtt nit oplouch, war d'Péng rëm auszehalen. Hei, no enger gudder Woch war d'Péng verschwonnen, et war wéi eng Erléisung. Mä wou koum op emol de schreckleche Wéi hir? Ufanks Abrëll wéi d'Dokteren e frësche Korseli ugeluecht hunn, koum d'Rätsel zum Virschäin: ënnert dem Gips, just ënnert der Fënster vun der Wonn hat sech een décken Schwiir gebild, a wéi den Eeter bis raus war, war och d'Péng fort. E Lach wéi een klengen Fanger sou déck am Réck hat fir d'Entsuergung vum Eeter gehollef.

Wéi scho bemierkt war all Hafen un der Ostsee mat Verwondten a Flüchtlingen iwwerfëllt, sou dat versicht gouf, déi Leit an méi zrëckgeleen Gebidder ze verleen. Ouschterméindeg war dann och d'Rei u mir fir Stralsund ze verlossen an zwar mat engem Lazarettzuch an Direktioun Tschechoslowakei. Ech hat virdrun keng Ahnung wéi sou een Lazarettzuch géif ausgesinn, mä do sollt ech mech nach wonnereen iwwer d'Organisatioun vun deem Ganzen. An de Wagonen waren d'Better zu béid Säiten installéiert, zwee iwwereneen, mat wäisse Bettedicher gedeckt wéi am Lazarett. Sou hat ech dann d'Chance an sou engem feinen Bett eng Rees ze maachen vun der Ostsee bis ënnen an d'Tschechei op Karlsbad. D'Rees ass gutt verlaf, et war dobaussen schon schéint Fréijoerswieder, et gouf keen Fligeralarm, sou dat et riicht duerch konnt goen bis op Karlsbad.

Danzeg, eng vun de Statiounen vun der Evakuatioun iwwer d'Ostsee



Danzig. Glockturm.

Tour de France 2002



Den 7. Juli 2002 huet sech den Schiereener Bierger d'Geleeënheet gebueden, fir eng Etapp vum Tour de France an hirem Duerf selwer ze verfollegen; et war awer net fir d'éischt dass den Tour Schieren passéiert huet, well schon am Joer 1947 an duerno nach eng Kéier 1989 war dat de Fall.

I Retrospektiv

A. Lëtzebuerg am Tour de France

Folgend Joeren goug den Tour durch Lëtzebuerg oder huet sech zum Deel hei am Land ofgespillt:

1947:

Et war dat Joer d'Reprise vum Tour de France nom zweeten Weltkrich. Am Vélodrome Lëtzebuerg-Belair war d'Arrivée vun der Etapp Bréissel – Lëtzebuerg déi vum Italiener Aldo Ronconi gewonnen gouf.

1989:

Dat Joer war eng Première: Den Départ vum Tour de France war zu Lëtzebuerg.

Et gouf een Prolog an der Stad gefuer deen gewonnen gouf vum Holläner Erik Breuking an d'Etapp Lëtzebuerg – Lëtzebuerg konnt den Portugis Acacio Da Silva fir sech entscheiden. Et stoug och een contre la montre par équipes um Programm bei deem d'Ekip Super – U am schnellsten war an duerno huet den Tour eis op der Etapp Lëtzebuerg – Stroossbuerg an Richtung Frankräich verlooss.

1992:

An der Stad gouf een contre la montre individuel gestart deen vum Spuenier Miguel Indurain gewonn gouf.

2002:

Fir d'zweet war also d'Joer den Départ vum Tour de France zu Lëtzebuerg.

B. Lëtzebuenger am Tour de France

Lëtzebuenger Cyclisten hun laang Zäit eng entscheedent Roll am Tour de France gespillt well si 3 mol den Tour konnten wannen an am ganzen 63 Etapen konnten fir sech entscheiden.

Gewënner vum Tour de France:

Francois Faber:	1909
Nicolas Fantz:	1927 an 1928
Charly Gaul:	1958



François Faber

Gewënner vun Etapen vum Tour de France:

Francois Faber :	19 Etapen
Nicolas Franz :	20 Etapen
Charly Gaul:	10 Etapen
Bim Diederich :	3 Etapen
Jean Majerus:	2 Etapen
François Neuens:	2 Etapen
Jean Goldschmit :	2 Etapen
Arsène Mersch :	1 Etap
Mathias Clemens:	1 Etap
Willy Kemp:	1 Etap
Jempy Schmitz:	1 Etap
Edy Schütz:	1 Etap



Nicolas Franz

Et kann een vläicht nach zrëckbehalen:

- dass den François Faber dat Joer wou hien den Tour de France gewonn huet 5 Etappen hannereneen fir sech konnt entscheiden; d'Joer ass duerno kengem Cyclist méi gelang an deen Rekord besteet haut nach.
- dass den Nicolas Franz 1928 den „maillot jaune“ vun der éischter bis déi lescht Etapp gedroen huet. Aus deem Grond gouf dat Joer hei am Land den „Tour de France“ just nach „Tour de Franz“ genannt.

I. Tour de France 2002

Vum 6. bis den 8. Juli huet sech déi 89.ten Editioun vum Tour de France hei am Land ofgespillt. Am ganzen waren 189 Cyclisten, opgedeelt op 21 Ekppen, un den Départ gaang.

Den 6. Juli gouf an der Stad een Prolog iwwert 7,3 km gefuer deen vum Lance Armstrong gewonnen gouf mat just nemmen 2" Avance op den Laurent Jalabert.

Den 7. Juli dunn gouf d' Etapp Lëtzebuerg – Lëtzebuerg gefuer, déi wéi schon gesot och duerch Schieren gefouert huet. Schon vun moies 10.00 Auer un war d'Haaptstrooss gespärt an d'Pomjeeën hun assuréiert dass keen vun enger

Niewenstrooss méi konnt an d'Haaptstrooss abéien. Ab 11.00 Auer schon stongen eng ganz Rei Leit un der Strooss fir op d'Caravane an op d'Cyclisten ze waarden; op der Valis'plaz huet d'Jugend deen ganzen Dag iwwer dofir gesuergt, dass keen huet missen Honger oder Duuscht leiden. Schon laang net méi konnt een esou vill Leit am Duerf op den Been gesinn; et wollt natierlech jiddereen daat Event aus der éischter Rei eraus materliwen. Et war géint Mëtteg wéi d'Caravane publicitaire duerch eist Duerf gefuer ass fir Reklam ze machen an Gadjeten ze verdeelen.



Wéi dunn d'Caravane passéiert war huet een sech erëm bis bal 14.00 Auer missen gedéllegen fir dunn endlech d'Cyclisten kënnen ze gesinn. Am Peloton sinn se vun Richtung Colmar an d'Duerf eran komm an hunn eis och am Peloton erëm an Richtung Ettelbréck verlooss.



De Rescht vun der Course huet dunn missen op der Télé verfollegt gin. Eng Iwwerraschung war et, wéi den Schwäitzer Bertogliati d'zweet Etapp konnt gewinnen, an dat virun den Sprinter wéi Zabel an MC Ewen, an sech duerch déi Victoir och nach den maillot jaune konnt iwwersträifen. Den 8. Juli huet den Tour de France 2002 d'Land dunn zu Schengen erëm verlooss.

Bleiw just nach ze soen dass et den Lance Armstrong war, deen déi 89. Editioun vum Tour de France dominéiert an gewonn huet. Een klengen Undeel un d'ësער Vicoire hat och deen eenzeg Lëtzebuenger am Feld, den Benoît Joachim, huet hien dach deen ganzen Tour iwwer wärtvoll Hëllef an der Equip vun U.S. Postal gelescht.

Schmitz Marc.

D'Eltereverenegung vu Schieren

(Association des Parents des Elèves de la Commune de Schieren = APECS)



D'Eltereverenegung vu Schieren (Association des Parents des Elèves de la Commune de Schieren = APECS), déi den 19.03.02 gegrënt ginn ass, huet als Ziel fir d'Elteren an d'Schüler vun de Schiereener Schoulen ze encadréieren an allem wat de Schoulprogramm, den vum Unterrichtsministère festgeluecht gouf, betrëfft, fir d'Léierpersonal ze ennerstëtzen bei der Organisatioun vun schouleschen Festivitéiten oder sportleche Manifestatiounen.

De Comité de gestion sëtzt sech aus folgende Memberen zesummen : Armino Fortes, Liliane Fuchs-Garson, Enza Schaap-Rosato, Claudia Silva-Timoteo, Norbert Simon, Paula Teodoro-da Costa an Nicole Theis-Grosjes. D'Sekretariat iwwerhëlt d'Madame Myriam Marbes-Bruck, d'Trésorerie d'Madame Maria Berardi-Vera a Vizepräsidentin ass d'Madame Lucie Origer-Schmit, Präsident ass den Herr Gast Sadler.

D'Sportsfest war déi éischt Gelegenheet fir dem Léierpersonal eis Ennerstëtzung ze weisen a mir wëllen esou weidermaachen mat, ënner anerem, der Organisatioun vum Schoulfest, dat op den Freideg 12.07.02 festgeluecht gouf, bei enger éischter Entrevue mam Léierpersonal.

Wéi all Organisatioun hu mir Ausgaben a brauchen also Fongen. Fir d' Schouljoër 2001-2002 haate mir decidéiert keng Memberskaarten méi opzehiewen. Mais Dir kënn eis awer als Membre donateur ennerstëtzen andem Dir ären Don op de Spuerkeeskonto 1455/2547-1 vun der APECS Schieren iwwerweist, mat ärem Numm an ärer Adress.



De Préscolaire an de Primaire spillen eng ganz wichteg Roll fir d'Zukunft vun eise Kanner, esou wuel um sozialen ewéi um edukative Plang a mir hoffen, dass eis Organisatioun hire Beitrag zum Dialog zwëschen de Betraffenen kann leeschten.

Constituée le 19.03.02 l'Association des Parents des Elèves de la Commune de Schieren(APECS)s'est fixée comme but d'encadrer les parents et les élèves des écoles de Schieren en tout ce qui concerne le programme scolaire fixé par le Ministère de l'Education Nationale,d'assister le personnel enseignant lors de l'organisation de festivités accompagnant le cycle scolaire et de manifestations sportives.

Le comité de gestion se compose des membres Armino Fortes,Liliane Fuchs-Garson,Enza Schaap-Rosato,Claudia Silva-Timoteo,Norbert Simon,Paula Teodoro et Nicole Theis-Grosjes.Le secrétariat est assuré par Mme Myriam Marbes-Bruck,la trésorerie est gérée par Mme Maria Berardi-Vera,Mme Lucie Origer-Schmit tient le rôle de vice-président et M Gast Sadler occupe les fonctions du président.

Le „Sportsfest fut la première occasion pour offrir notre support aux enseignants et nous avons compté continuer dans cette direction avec,entre autres,l'organisation du „Schoulfest“ qui avait été fixé lors d'une première entrevue avec les membres du corps enseignant au vendredi 12.07.02.

Comme chaque organisation nous avons des frais et donc besoin de fonds. Vous pouvez nous soutenir comme membre donateur en versant votre don au compte courant 1455/2547-1 de l'APECS Schieren auprès de la BCEE en n'oubliant pas votre nom et adresse.

L'enseignement préscolaire et primaire détient un rôle capital dans le futur de nos enfants,tant bien sur le plan social que purement éducatif,et nous espérons que notre organisation se révélera comme contribution enrichissante pour le dialogue entre tous les concernés.

F.C JEUNESSE SCHIEREN Generalversammlung

Am vergangenen 28 Juni war es wieder einmal so weit.

Vor einem sehr gut besetzten Saal eröffnete Präsident Jean Di Cato die 56. Generalversammlung des Vereins.

Nach der Begrüßung und einer Gedenkminute für die verstorbenen Mitglieder, darunter den langjährigen Kassenrevisor Nico Goerens, richtete er herzliche Dankesworte an alle Freunde des Vereins die unter irgendeiner Form zum Gelingen des abgelaufenen Jahres beigetragen hatten.

Sein besonderer Dank galt den Gemeindeverantwortlichen, dem Supporterclub, dem Masseur, den Vereinsschiedsrichtern, den Trainern und Spielern, den Kollegen aus dem Vorstand sowie last but not least den treuen Anhänger.

Mit Stolz vermerkte er, dass es der ersten Mannschaft wieder einmal gelungen war in der Ehrenpromotion zu verbleiben. Auch dieses Jahr sollte es fast wieder zum Herzschlagfinale kommen. In der Tat musste man sich bis zum zweitletzten Spieltag gedulden bis der Klassenerhalt endlich gesichert war. Sein Appell an die Versammlung sich zur Mitarbeit im Vorstand zu melden fand, bis auf eine Ausnahme, leider kein positives Echo und er machte aus seiner Enttäuschung darüber keinen Hehl.

Nach einer Ermunterung an die Spieler sich weiter für den Verein einzusetzen übergab er das Wort an den Sekretar Mil Fiedler.

Mil Fiedler der bereits mehr als 50 Jahre als Sekretär tätig ist (dies ist zumindest im luxemburgischen Fußball einzigartig) legte der Versammlung in gekonnter Manier einen detaillierten Bericht sämtlicher Aktivitäten der vergangenen Saison vor. Insgesamt zählt der Verein 209 Lizenzierte, davon über 70 Jugendspieler.

In der Saison 2002/2003 wird der Verein mit insgesamt 8 Mannschaften an den Meisterschaften teilnehmen. Die 6 angemeldeten Jugendmannschaften stellen dabei einen absoluten Vereinsrekord dar. Viele größere Ortschaften können nicht mit solchen Zahlen aufwarten.

Wie üblich bat er alle Mitglieder dem Verein treu zur Seite zu stehen und alle Streitigkeiten zu vermeiden.

Der Mitgliederbeitrag wurde auf EUR 12,50 festgesetzt. Hierzu sei bemerkt, dass der Verein bestrebt ist die Mitgliederbeiträge im Rahmen der finanziellen Möglichkeiten von einkommensschwachen Familien zu halten um damit zu vermeiden, dass Kinder aus finanziellen Gründen ihren Lieblingssport nicht mehr betreiben können.

Es war dann am Kassierer Jos Zeimes die Einnahmen und Ausgaben darzulegen.

Ein kleiner Überschuss konnte trotz steigender Ausgaben erzielt werden. Dies ist sicherlich auch das Resultat einer vorsichtigen Ausgabepolitik.

Im Gegensatz zu manchen sogenannten Millionärsvereinen

aus der näheren Umgegend, die erstaunlicherweise, oder soll man sagen logischerweise in derselben Division spielen verzichtet der Verein darauf Spieler mit Geld zu ködern.

Der den Spielern zugestandene Betrag, für in der Regel über 150 Einsätze pro Saison, hat dann auch eher einen symbolischen Charakter.

Der Kassierer dankte dem Präsidenten dafür, dass er manche Rechnung aus der eigenen Tasche bezahlt und sich auch sonst nicht als kleinlich zeigt.

Die Miene des Kassierers erhellte sich schlagartig als die Delegation des Supporterclub (Josée Schmitz, Gréitchen Bertemes, Gaby Lutgen, Carmen Everard) einen Scheck über EUR 12.500 überreichte.

Ohne den Supporterclub unter ihrem dynamischen Präsidenten John Conté wäre der finanzielle Kraftakt eine ausgeglichene Bilanz präsentieren zu können nicht zu schaffen.

Jeden dritten Tag die Buvette zu bedienen erfordert ein Höchstmaß an unentgeltlichem Einsatz. Man kann für den Verein nur hoffen, dass dies in der Zukunft so bleiben wird.

Jos Lutgen in seiner Eigenschaft als Bürgermeister unterrichtete die Versammlung, dass da Trainingsfeld in Kürze erweitert wird. Er versprach, dass die Gemeinde stets ein offenes Ohr für die Belange des Vereins haben wird.

Im Namen der Kassenrevisoren bat Jos Bormann die Versammlung dem Kassierer Entlastung zu erteilen.

Unser verdienstvoller und engagierter Trainer Raths Fernand konnte nur wiederholen, dass bei den bescheidenen Mitteln jedes Jahr Disziplin, Kameradschaft, Trainingsfleiss und Einsatzbereitschaft gefordert sind damit der Klassenverbleib gesichert werden kann.


Er bedauerte, dass aus dem Jugendbereich seit langer Zeit keiner den Sprung in die erste Mannschaft geschafft hat.

Zum Schluss wurden noch Medaillen der FLF an langjährige Mitglieder des Verbandes verteilt.

Wie üblich bot der Präsident dann auf eigene Kosten ein exzellentes Buffet an.

ZUSAMMENSETZUNG DES VORSTANDES

Ehrenpräsident:	Joseph Nilles	
Präsident:	Jean Di Cato	
Vizepräsident:	Jean-Pierre Schmitz	
Kassierer:	Joseph Zeimes	
Sekretär:	Emile Fiedler	
Technischer Sekretär:	Marcel Bertemes	
Mitglieder:	Willy Biebricher	
	Carlo Garson	Claude Pauwels
	Constant Gengler	André Schmit
	Nico Hilger	René Zeimet
	Jean-Pierre Meisch	



Ofschloss

vum

Eischt-Hëllef-Cours



Den 18. September sinn am Pompjeesbau zu Schieren Diplomer un déi nei Sekuristen iwwerrecht ginn, déi vum November 2001 bis Juni 2002 un engem 1.Hëllef-Cours deelgeholl hunn.

Bei der klenger Feier wore präsent: den Instrukter Jos Hames, vun der «Protection civile» de Carlo Birscheid, Buurgermeeschter Jos Lutgen, Schäffen Änder Schmit, d'Gemengeréit Patrick Berwick, Camille Pletschette, Marc Schmitz an de Pompjeeskommandant Aly Lamborelle.

Ofgeschloss gouf d'Feier mat engem Eierewäin.

**Déi nei Sekuriste sin:
Joe Berwick, Carmen Birchen,
Ben Gillen, Claude Gillen,
Astrid Gries-Garson, Gilles Gries,
Gilles Hemmerling, Tessy Mossong,
Eric Schaille, Nadia Simon
und Carlos Queiros Lopes.**

Konveniat zu Schieren

De 4. Juli
hun sech
d'Schoulkomerodinnen
an d'-komeroden
aus de Geburtsjaren
1919-1926
zu hirem traditionelle
Konveniat
zu Schieren getraff.

Dese Konveniat
gouf vun
Fischbachs Vic
organiséiert.



Hien hat 45 Invitatioune rausgeschéckt, mee, well se schon all e gewëssen Alter erreecht hun, sin der nëmme méi 17 plus déi aner Halschend vun enger Komerodin, also am ganzen 18, ugetrueden. Et muss awer gesoot gin, dat déi aner sech alleguor entschëllegt haten, seef et dat se selwer nit méi kënnen deelhuelen, seef et dat se an der Vakanz waren.

Beim Monuments aux Morts si Blummen néiergeluecht ginn an si hunn hirer Verstuurwene geduecht. Duerno ass vun hirem attitrierte Fotograf a Komerod Meyraths Jängi duerch Autoklick eng Erënnungsfoto geschoss gin. Hei waren der nach 5 nit dobäi; si waren duerch aner Engagementer verhënnert vun Ufank un präsent ze sinn.

Iwwer de Kräizbiereg a Schrondeweiler sinn se dunn an d'Fiels gefuer, wou se dat herrlecht Schlass besicht hunn. Et kann een et ouni Diffikultéite besichen, well et kann een mam Auto bis op d'viicht Dier fuuren. Eng Guidin huet si duerch d'Iwwerreschter vum Schlass gefouert. Si hunn erfuer, dat d'Häre vu Fiels schon am 12. Joerhonnert ernimmt goufen an zwar als Krichshären vum Haus Lëtzebuerg. Obschon d'Buurg haaptsächlech aus Ruine besteet, as een impressionéiert vun den Ausmoossen (ca 1,5 ha) an deem gewaltege Gemeier, wat duurch Restauratioun vun der weider Zerstéierung protegéiert gët.

Di Schiereener hate lo Duuscht, an et ass séier an d'Soup gefuer ginn, an d'Hostellerie de la Vallée, wou déi 5, déi zu Schieren

nit ugetruede waren, schon den Apéritif ran haten. De Menu huet hinne gudd geschmaacht an och d'Gedrénks war an der Rei.

Beim Kaffi huet Fischbachs Vic seng Komerodinnen an Komerode gebieden opzeston, an an enger Denkminut deenen ze gedenken, déi zënter deem läschte Konveniat (Juli 2001) an d'Eiwegkeet gaange sin. Et waren der 4, nämlech Meyraths Léonie, Werdels Jacqueline, Lindens Jeanne an Lopesch Félix. Zwou Komerodinnen hun awer och an där Zäit Schrecklechtes duerchgemeet: Judithe Marechen huet säi Mann, de Wagnesch Camille, a Géirensen Annchen säi Fils, den Nico, an d'Graaf geluecht.

Obschon dëst Joer nëmme 18 ugetruede waren, gouf awer beschloss, sou laang wéi méiglech all Joer de Konveniat ze feieren. Fir d'nächst Joer steet de Musée historique vum Generol Patton um Programm, an am Restaurant Lanners soll e gudd Menu op se waarden. Wéi all Joer soll dee Konveniat rëm an der éischter Woch Juli iwwer d'Bühn goen. Deen Datum sollen déi Schiereener sëch also mierken.

Nom Iessen huet den Thills Jang dem Organisator vum Konveniat Merci gesot, a well se op der Schiereener Foto nach nit all dropp waren, huet den Meyraths Jängi nach eng Kéier Fotograf gespillt. Déi Foto gouf an der Dagespress publizéiert.

Vic.Fischbach

D'Amiperas Schieren

Een aktive Veräin fir jiddereen deen net wëllt eleng doheem sëtzen !

No enger kurzer Vakanz fänke mir nees un mat eise „Porte-ouvertes“, wou Dir kënt e Spill mat der Kaart, Konter a Mat oder Rammi, Mensch ärgere dich nicht, eng Party Rummikub maachen, oder einfach nëmme mat anere Leit poteren. Um 4 Auer gëtt Kaffi mat verschidde gudde Sachen zerwéiert, an eemol am Mount feiere mir Gebuertsdag.

Jiddereen ass härzlech wëllkomm, och wann en nët kann all Woch do sin, mëttwochs vun 14-18 Auer am neie Gemengesall.



D'Journée du Grand-Age ass den 20. Oktober. Mass fir liewend a verstuerwen Memberen. Mëttegiessen am neie Gemengesall. Duerno Ei'erung vun eisen eelsten Memberen. Am Nomëtteg flotte Programm mat de ‚FLANTERMÄIS‘.



Den 18. Dezember ass d'Krëschtfeier. Dest ass eng besënnlech Feier fir all Member an Membre donateur, mat Tombola an Iwerreechung vun eiser Sammlung vun dësem Joer un ‚Spina bifida‘.

Hei nach e puer Fotoen vun eiser Aktioun ‚Eisekuchen op der Valisplaz‘ während der Braderie



***All Alter ass hei vertrueden,
wann dat esou bleiwt,
ass bei där Schiereener Amiperas
fir Nowues gesuert !***



SNEAK PREVIEW IV

Den 6. Juli 2002 hat d'Jugend vun Schieren hiren 4. Nuetsrallye, bei deem sech alles em d'Filmwelt gedréint huet.

22 Equipen vun 3 bis 5 Leit haten sech dest Joer ugemellt fir op den 4 Statiounen hirt Beschit ze ginn an wou si trotz dem deelweis schlechten Wieder hiren Spaass haten.

Den Dag drop, nom Tour de France, goufen déi Beschit mat enger schéiner Coupe belount an och déi aner kruuten flott Trouschtpräisser.

D'Jugend seet natierlech jidderengem Merci, deen dest Joer mat dobäi war an mir freeën äis schon op den nächste Rallye, wou et dann och eng kleng Iwwerraschung waert gin. Bis dann,

d'Jugend vun Schieren



Wiessel am Comité vum BBC Black Frogs Schieren

No eiser Generalversammlung vum 12. Juli 2002, an där mir dräi nei Comitésmemberen opgeholl haten, huet sech dësen dann och an der éischter Comitéversammlung no der Generalversammlung nei constituéiert. An de Comité koumen d'Angèle Arend, den Nico Weber an de Gerry Hoffmann.

Well eis Onkäschten ëmmer méi grouss ginn, hu mir décidéiert e klengen Entrée vun dräi Euro bei eise Mätcher vun de Seniorekippen opzehiewen, woubäi d'Kanner bis 16 Joer natierlech fräi bleiwen. Spillen eis Dammen an Hären hannereneen, wat meeschtens de Fall ass, da kascht et awer nëmmen dräi Euro. Op den Entréesbilljet gëtt dann elo all Kéiers eng Extra-Corbelle verspilt. Mir hoffen op Äert Versteesdemech.

De Comité setzt sech dann
elo esou zesummen:

Präsident: Hilger John
Vizepräsident: Lutgen Alain
Sekretär: Hoffmann Gerry
Caissier: Arend Arsène
Member: Arend Angèle
Tibessart Claude
Schroeder Ferd
Weber Nico
Pick Ed



Hei ass dann de Programm vun de Seniorekippen fir d'Qualifikationsronn:

Freides, de 4. Oktober 2002	Dammen	Beteburg - Schieren	20:30 Auer
Samsdes, de 5. Oktober 2002	Hären	Kielen - Schieren	20:00 Auer
Samsdes, den 12. Oktober 2002	Dammen	Racing - Schieren	18:30 Auer
	Hären	Préizerdaul - Schieren	20:00 Auer
Samsdes, den 19. Oktober 2002	Dammen	Schieren - Dikrich	18:45 Auer
	Hären	Schieren - Dikrich	20:30 Auer
Samsdes, de 26. Oktober 2002	Dammen	Berbuerg - Schieren	20:30 Auer
Sonndes, de 27. Oktober 2002	Hären	Mamer - Schieren	17:00 Auer
Sonndes, den 10. November 2002	Dammen	Esch - Schieren	15:00 Auer
Samsdes, de 16. November 2002	Dammen	Schieren - Fiels	18:45 Auer
	Hären	Schieren - Clierf	20:30 Auer
Samsdes, de 7. Dezember 2002	Dammen	Bartréng - Schieren	18:30 Auer
	Hären	Hueschtert - Schieren	20:30 Auer
Samsdes, de 14. Dezember 2002	Dammen	Schieren - Bettembourg	18:45 Auer
	Hären	Schieren - Kielen	20:30 Auer
Samsdes, de 4. Januar 2003	Dammen	Schieren - Racing	18:45 Auer
	Hären	Schieren - Préizerdaul	20:30 Auer
Samsdes, den 11. Januar 2003	Hären	Dikrich - Schieren	19:00 Auer
	Dammen	Dikrich - Schieren	20:30 Auer
Samsdes, den 18. Januar 2003	Dammen	Schieren - Berbuerg	18:45 Auer
	Hären	Schieren - Mamer	20:30 Auer

TENNIS CLUB SCHIEREN

CHAMPIONNAT INTERCLUB Dammen an Hären

Och dest Joer haten mir 2 Dammen an 2 Hären Ekippen fir d'Championnat ugemeltt.

Eis 1t. Härenekipp ass an der 1t. Divisioun vun 6 Ekippen dé 3t. ginn , wat eng stark Leeschtung war.

Déi 2t. Härenekipp huet als 2t.lescht an der 4.ter Divisioun ofgeschloss. All deenen Jugendlecher déi do gehollef hunn een décken Merci a fuert sou virun.

Ons 1t. Dammenekipp ass als 4.t vun 6 Ekippen an hirer Divisioun rauskomm, d'nächst Joer geet et rëm besser.

Eis 2t. Dammenekipp déi aus jonken Meedercher bestan huet , huet als 4t. vun 5. Ekippen ofgeschloss . Och hinnen een décken Merci a fuert déi nächst Joeren sou virun.

Des 4 Ekippen bleiwen also an hiren Divisiounen. Mir wënschen hinnen fir dat nächst Joer genauou e Succés an nach méi.

No eise Championnat hu mir direkt de Samsdesch drop fir di 2t. Kéier den Tournoi Marcel Nilles organiséiert .

Den Tournoi Marcel Nilles huet dest Joer den 13t. Juli ugefang a war den

4ten. August eriwwer.

Mir haten 2 Dammen Finalen.

An der Katégori 3 – 4 hun d,Final gespielt:

Hoffmann Laury (Colmar – Berg) géint De Bourcy Anne (Schëffleng) wou d'Hoffmann Laury gewonn huet.

Déi 2t. Final Dammen Katégori 5 – 6 gouf gespielt vum Elsen Celia (Schieren) géint Kluge Monika (Colmar Berg) .

D'Final huet Monika Kluge gewonn.

D,Hären Final Katégori 7 – 6 an 5 – 4 huet den Mergen John (Schieren) géint den Patrice Weiss (Lorentzweiler) gewonn.

De Komité vum T.C. Schieren war frou dat mir aus eise Verein 2 Spiller an de Finalen dobei haten, an datt bei den Hären den Mergen Johny gewonn huet.

Op der Foto gesidd dir: De Gewënner Mergen Johny mat senger Frëndin an den Organisator vum Turnéier, de Goerens Claude.



Am Numm vum Komité soen mir all deenen Merci déi um Turnéier deelgehol hunn, a vläicht gesinn mir eis d'nächst Joer erëm.

Fir de Komité vum T.C. Schieren Zimmer Romy

15 JOER TENNIS CLUB SCHIEREN



De Comité vum Tennis Club Schieren hat dest Joer de 15. August all hir Memberen op den 15. Anniversär invitéiert, wou bei deser Geleeënheet och en klengen Historique gemaach ginn ass.

Et war ganz genau den 5. August 1987 ewéi 15 Tenniserferventen vum Schieren sech Gedanken gemaach hun, fir aus enger Iddi "Tennis zu Schieren" eng Realitéit ze maachen.

Nodeems den 21. August 1987 eng Grënnungs- an Informatiounsversammlung ofgehalen gouf, ass den 28. August 1987 eng éischt Generalversammlung organiséiert ginn.

Mat net manner wéi 60 Memberen wor d'Iddi schons een Succès ginn, an dem Tennis zu Schieren stong näischt am Wee, den zweeten Sportsclub an der Gemeng ze ginn. Den Tennis Club huet nämlech Jonk an Al, an virun allem och den Meedercher an Dammen Geleeënheet ginn, sech hei am Duerf sportlech ze betätigen.

Well et 1987 jo nach keng Terrainen zu Schieren gouf, kruten déi éischt Memberen Spillméiglechkeeten op der Buerschtermillen offreeiert. Am Hierscht 1987 ass den Club bei der Lëtzeburger Tennisfederatioun ugemellt ginn an ass och Member vum der "Entente des Societes Schieren" ginn.

D'Gemengenautoritéiten waren och vun der Iddi iwwerzeegt, an hunn am **Dezember 1987** d' Fongen fir de Bau vun zwee Tennisterrainen zur Verfügung gestallt.

Den **23 Januar 1988** ass sech aktiv an d'Schiererener Nuetsliewen engagéiert ginn mam éischten Mätchbal.

Vum **Mai bis Juni 1988** wor et déi éischt Participatioun vun enger Härenekipp am Interclubchampionat.

Am **August 1988** waren d'Memberen fir dat éischt Grillfest op den Installatiounen vun der SEO zu Veianen invitéiert ginn, an des Traditioun, e Grillfest den 15. August fir d'Memberen vum Tennis sollt sech an den folgenden Joeren fest etabléieren.

Am **September 1988** sinn d'Aarbechten un den Tennisterrainen ugefaangen ginn.

Am **März 1989** ass dei éischt Tennisschoul fir Kanner gegrënnt ginn.

Vum **Mee bis Juni 1989** hunn zwou Härenekippen an eng Damenekipp am Interclubchampionat deelgeholl.

Den **28 Juli 1989** sinn déi zwee Tennisterrainen faerdgestallt ginn.

Während dem Joër 1990 ass ugefaangen gin, déi éischt Plangen vun engem Clubhouse ze entwerfen an nodeems am Dezember 1991 déi définitiv Projéen fir d' Clubhouse viruluchen, huet den Gemengekonsell eestemmeg een extraordinären Subsid zur Verfügung gestallt mat der Konditioun, dat den T.C. Schieren fir d' Realisatioun verantwortlech wir.

Am **Oktober 1992** ass matt den Aarbechten vum Clubhouse ugefaangen ginn, an de Bau matt Buvette, Sanitärinstallatiounen an Depot ass am Juni 1993 faerdg gestallt ginn.

Während der offizieller Aweihung vun den Installatiounen den **24. Juli 1994** huet den deemoolegen Sportskommissär, den Herr Lanners drop higewisen, datt den Tennis Club Schieren matt der ganzer Realisatioun vun den Terrainen an dem Clubhouse, eng vun deenen schéinsten Anlagen aus dem Land ass, an daat ganz ass doduerch opgewäert ginn, well de Comité zesummen matt nett manner wéi 52 fräiwëlleg Memberen a Frënn d'Clubhouse selwer opgericht haten.

1994 huet de Comité décidéiert, all 2 Joer een Tennisstage fir d'Memberen am Ausland ze organiséieren. 1994 woren den Tennis Club an Eistreich an zwar an d' Stubaital, 1996 op Lloret de Mar a Spuenien, am Joer 2000 matt den Jugendlichen op Rust an den Europapark an dest Joer an Thüringen.

Am **Abrëll 1996** ass eng automatesch Berieselungsanlag fir d' Terrainen installéiert ginn.

De **15. August 1997** waren d'Memberen op d'Feierlechkeeten fir den 10. Anniversär invitéiert ginn.

Am **November 1997** an als Ofschloss vum 10. Anniversär, huet de Comité Letzebuurger Tennisfederatioun matt sämtlechen Veräiner aus dem Land während hirer Generalversammlung an der neier Sportshal begréissen kënnen.

Et war och 1997, wéi nei Weeër an der Tennisschoul ageschloen goufen. De Zoulaf vun de Kanner an de Jugendlechen huet den Comité praktesch gezwongen matt professionellen Traineren zesammenzeschaffen. Den Choix matt Estess, enger schwedescher Tennisschoul, schéngt de richtegen Wee ze sinn.

1998 konnten zwou vun 4 Ekippen den Championstitel am Interclubchampionat feieren: déi éischt Dammenekipp dei Champion an der 3 Divisioun an déi éischt Härenekipp, dei Champion an der 2 Division ginn ass.

1999 waret den Tour un den zweeten Equipen, dei Champion an der 3 Divisioun bei den Dammen an Champion an der 4 Divisioun bei den Hären ginn sinn.

Am Joër 2000, hun dei eischt Dammen an dei éischt Härenekipp sech fir déi éischten Kéier an der Coupe vun der FLT geschriwwen.

2001 ass decidéiert ginn, een offiziellen Tournoi als Erënnung un den eischten Präsident, dem Nilles Marcel ze organisieren an huet och direkt dat eischt Joër een immensen Succès kannt, matt nett manner wéi 70 Aschreiwungen. Och dest Joer war desen Tournoi erëm mustergëlteg organiséiert ginn.

Am Joer 2002, op dem 15. Anniversär, huet den Tennis Club 121 Memberen, dovun 55 Kanner.

Virun 15 Joer ass matt 15 Comitémemberen ugefangen ginn, haut sinn et der 11, wou vun der nach 7 vun der éischter Stonn dobei sinn.

Den heutegen Comité besteet aus: Germain Schmit (Präsident), Romain Goerens, Michèle Meyer (Secretaires) Guy Berwick, Nilles Aby (Caissiers), Claude Goerens, Romy Zimmer (Sportlech Komissioun), Nico Hilger, Maggy Meisch, Luc Schmitz, Carlo Kleer (Memberen).

E Merci vum Comité un d' Memberen a Frënn vum Veräin, wouvun déi meescht ëmmer aktiv gehollef hunn, wann eppes fälleg war an schlussendlech och e ganz groussen an härzlechen Merci un eis Gemeng, oui déi dat ganz nett hätt kënnen realiséiert ginn.

Germain Schmit



COUPE ROGER ZIMMER

Den 24, 25 an 28 Juli 2002 huet den FC Jeunesse Schieren bei herrlechem Wieder d'Coupe Roger Zimmer ausgedroen. Desen Tournoi sollt eng Erënnerong an een Merci un den Rosch sinn, deen den 9. Februar 1998 am Alter vun nëmmen 62 Joër gestuerwen ass. Un däer Coupe hunn déi véier Ekippen deelgeholl, mat deenen de Rosch gefüllsméisseg am meeschten während sénger aktiver Zäit an och am Comité ze dinn hat:

Daring lechternach, Etzella Ettelbréck, Young Boys Dikrech an Jeunesse Schieren.

Sonndes moies ass um Rosch séngem Graw eng Gerbe néiergeluecht ginn, an duerno ass an der Schiereker Kierch eng Erënnerongsmass gehal ginn. Mëttes sinn dann am Géier d'Finalen ausgedroen ginn, wou Schieren an der Trouschtfinal géint Dikrech verluer huet an eis Ettelbrécker Noperen d'Final géint lechternach gewonn hunn. D'Famill Zimmer-Goergen hat 4 herrlech Pokalen gestéfft an aus den Hänn vum Rosch sénger Duechter Carole kruten d'Kapitänen vun den 4 Ekippen des Pokaler iwwerreicht.

Dem Rosch séng Fra Leonie, säi Jong Frank mat sénger Fra an hirem Kand, séng Schwëster Germaine an vill Familljememberen hunn d'Feier duerch hir Präsenz beéiert, an als klenge Merci huet den Football duerno eng Agape offréiert.

D'Resultater vun den Mätscher:

Eliminatoiren:	Schieren - lechternach	1 - 2
	Ettelbréck - Dikrech	2 - 0
Final 3. Plaz:	Schieren - Dikrech	0 - 2
Final 1. Plaz:	Ettelbréck - lechternach	4 - 1



Et siew bei deser Geleegeheet un all dat erënnert, wat de Rosch fir den Schiereker Football gelescht huet: Nodeem séng Karriär als Goalkeeper duerch eng Knéiverletzung een fréizäitegt Enn krut, war hien an Personalunion Mëmber vum Comité, Vizepresident, Jugendtrainer, Masseur (laut eegenen ironeschen Aussoen „Eenzegen diploméierten Masseur am Grand-Duché“) an huet Woch fir Woch Pronostiken agesammelt. Den Rosch hat d'Traditioun vun séngem Papp, dem Willy Zimmer, fortgesat, deen vun 1954 – 1957 President vum Football war.

Den FC Jeunesse Schieren huet dem Rosch immens vill ze verdanken, an all déi en kannt hunn, wäerten hien ni vergiessen.



Vakanzaktivitéiten 2002

Och dest Joër hate mir nees een groussen Erfolleg mat den Vakanzaktivitéiten.

Vum 16-26 Juli 2002, just éiert et an déi laang verdingten Vakanz geet, hunn sech 65 Primärschoulskanner, am Alter tëschend 7 an 12 Joër, zesammenfond fir 6 interessant „Spillnomëtteger“ mateneen ze verbréngen.

Eis Aktivitéiten hunn 2 Wochen, mat am ganzen 6 Nomëtteger gedauert.

Well et fir d’Kanner méi einfach ass sech an enger Roll oder mat engem Personnage z’identifizieren, hu mir nët 6 grondverschidden Aktivitéiten ugebueden, mä all Woch stung ënnert engem Thema, mat jeweils engem Héichpunkt.

Thema vun der 1. Woch: Indiana Jones, den Goldgriewer an Westernheld vun der leschter Joërhonnertwenn (em 1900).

E grousst Erliewnis zu dessem Thema waren eisen Daag am Bësch mam Fieschter an eist Bëschspill. D’Kanner hunn mat Hëllef vun Geheimschrëften missten deen wäiten an geféierlechen Wee duerch den Dschungel (vun Schieren) bis bei den verbuergenen Schatz sichen an ënnerwee verschidden Aufgaben léisen.

Sou hunn si zum Beispill missten mat Hëllef vun enger Afebréck iwwert déi déiwsten an geféierlechsten Schlucht aus dem ganzen Dschungel kloteren.

Deen nächste Mëtteg stung eng Visite um Programm. Mir sinn an den „Fond-de-Gras“ op Nidderkuer gefuer, fir de Kanner d’1900-Wenn méi no ze bréngen. Nodeems mir mat dem Train 1900 een Tour gefuer sinn, hunn mir eis eng Epicerie vun 1900 mol vun bannen ugekuckt.

Déi 2. Woch stung ënnert dem Thema: OLYMPIAD.

D’Kanner hu sech op eng Spaass-Olympiade viirbereet, et gouf gebastelt, gesongen an gespillt.

Fir eng Ofkillung an den waarmen Summerzäiten war och gesuergt ginn. An zwar si mir op Bitburg schwammen gefuer, wou mir äis beschtens ameséiert hunn.

Déi eigentlech Olympiad sollt eisen Ofschloss sinn. De leschten Dag huet all Kand nach säin Bescht ginn. Op der Spaass-Olympiad haten d’Kanner d’Méiglechkeet fir duerch Witz, Spill an Spaass hirer iwwerflësseger Energie fräien Laf ze loossen.

Zu gudder Lescht dann eis Ofschlossfeier. Zesummen mat den Hären vun der Gemeng koum et dann zu der offizieller Sportleréierung wou d’Kanner hir selwererfonnten an selwergebastelt Medaillen feierlech iwwereecht kruten.



No deenen groussen sportlechen Ustengungen hu mir dann zesummen gegrillt.


Mir hoffen datt mir äis och dat nächste Joër zu souvill kënnen erëm gesinn an och genau sou vill Spaass hunn wei dest Joër.

Zweeten nationale Sëcherheetsdag

ënnert dem Motto

“Sëcherheet an de Schoulen”

an Zesummenaarbecht mam
Innen- an Unterrichtsministère



E Freideg, de 25. Oktober, ass am ganze Land den zweeten nationale Sëcherheetsdag, deen ënnert dem Motto “Sëcherheet an de Schoulen” steet. Dësen Dag gëtt organiséiert an Zesummenaarbecht mam Innen- an Unterrichtsministère.

D’Pompjeeë vu Schieren verbannen dësen Dag mat enger Porte ouverte am Pompjeesbau. De ganzen Dag ass eng Ausstellung vum Pompjeesmaterial. Nieft dem Schierener Equipement sinn nach folgend Corpse mat hirem Material vertraueden: Dikrich: Tankwon TLF 5 000 (5 000 Liter Waasertank), d’Leeder “Bronto Sky”; Ettelbréck: RW 2 (Rüstwon), GW-Öl (Gerätewon, deen op geféierlech Flëssegkeete spezialiséiert ass), Schlauchboot; Arméi: Eischt-Hëllef-Zelt. Derbäi kënnst och nach ee Löschanzer, deen awer nit vun der Arméi ass.

Des Weideren ass och d’Police Grand-Ducale do, déi de Schoulkanner d’Sëcherheet um Schoulwee an am Stroosseverkéier erklärt. Opklärung vun der Geféierlechkeet vun de “lichten” Drogen steet och um Programm.

D’Pompjeeë wäerten de ganzen Dag Erklärungen an d’Handhabung vun engem Feierläscher a vum Rauchmelder ginn. Geäntwert gëtt och op Äer Froen zum Thema “Sëcherheet”.

De genaue Programm vum nationale Sëcherheetsdag mat der Porte ouverte vun de Schierener Pompjeeën gëtt duerch d’Flugziedelen an d’Haiser matgedeelt.

Ausflug an den Europa-Park op Rust

Op Initiativ vun de Verantwortlechen vum Jugendensembel an der Clique, dem Marc GARSON, Joe KAYSER an dem Guy NICKELS ass eng Equipe jonk an aal Musikanten vun der Schierener Musek den 17. Juli 2002 an den Europa-Park op Rust (D) gefuer. Am ganzen hun sech 33 Leit moies um 5 Auer mat «Voyages SCHMIT» op de Wee gemacht. Dat allerbeschte Wieder war net um Rendez-vous, mee dat hat kengem d’Laun verduerwen, fir e flotten Dag am gréissten Freizeitpark vun Däitschland ze verbréngen.

Op 65 Hektar kritt jiddereen eppes gebueden, wat en uspricht. Vun der gréisster an héchster Stolachterbunn aus Europa, dem «Silver Star» fir déi ganz Kéng, bis zu riesegroussen Spillplazen fir déi ganz Kléng.

Den Europa-Park ass a verschidde Beréicher opgedeelt, an all Beréich stellt e Land aus Europa mat senger typischer Kultur an Architektur duer. Hei kann een eng Rees vum Nordkap bis an Andalusien an engem Dag maachen.

Aner Attraktiounen sin z.B. «d’Formel 1 - Ausstellungshall» vu Mercedes Benz, spuenesch Ritterspiller, eng Äisrevue, d’Wasserachterbunn «Poseidon» an nach villes méi. Den Europa-Park ass mat Secherheet eng Rees wäert an d’ganz Equipe vun der Schierener Musek ass owes midd, awer zefridden heemgefuer.

Nicole Mersch



Sonndes den 30. Juni hat SCHIERENER MUSEK op hirt traditionellt Summerfest invitéiert

Seit 1999 gët d'Summerfest nët méi am Schoulhaff mä am Haff hannert dem Festsall, an am neie Sall ofgehaal. Hei können déi bestehend Infrastrukturen genotzt, an e gudd Stéck Aarbecht gespuert ginn. D'Zigeinerkiermes ass deemols a Summerfest ëmgedeef ginn an op den éischten Sonndeg am Juli virverluecht ginn.

D'Zelter vun de Schierener Pompjeeën an der Musek, déi laanscht der rue du Moulin opgeriicht ginn loossen e Bannenhaff entstoen, lessbuden grenzen den Haff zur neier Gemengepropriétéit of, an der Mëtt vum Haff suergt eng Tourelle fir déi néideg Stëmmung.

De Programm huet folgendermoossen ausgesinn

Vun 11.00 Auer un gemittlechen Apéritif

Em 11.45 Auer Concert-Apéritif vun der Harmonie vu Clierf
Op der Menuskaart stongen:

Paëlla vum Rafael deen s'ëin eegent Personal matbruecht hat,
Zalotebuffet, Scampien,
vum Grill: Kotletten, Thüringer a Mettwurscht,
mat Fritten oder mat Gromperen,
Dessert a Kaffi

De Rafael bedreift iwwregëns an der Staat op der Paräiserplaz, op 16, rue de Bourbon de Restaurant Casa Rafael.

Fir d'Fußballhänger stong e grouse Fernseh parat datt si jo näischt sollte verpassen, wëll d'Weltmeeschterschaftsfinal gouf em 13.30 Auer ugepaff.

Zwou Stonne méi spët sollt sech quasi eng ganz brasilianisch Footballéquipe bei der Tourelle zesummeffannen an d'Stëmmung war perfekt.

An der Paus a nom Fußball goufen Gameboy fir déi Kleng, a Bingo fir Grouss a Kleng gespillt.

Em 16.00 Auer war d'Rei un eisem Jugendensembl ënnert der Leedung vum Sigi a Joe.

Em 17.00 Auer Concert vun der Musék vu Garnech.

Owens ass de Grill nach eng kéier ugefang ginn, an d'Summerfest konnt gemittlech bei eppes Gegrilltem an engem Patt ausklengen.

Et kann e soen d'Summerfest 2002 war e vollen Erfolg.

Quartiersconcert am Péiteschfeld

Freides den 21. Juni, bei herrlichem Wieder konnt endlech erëm e Quartiersconcert gespillt ginn, nodeems dat lescht Joer déi zwee, an d'Waasser gefall woren.

De Rond Point am Péiteschfeld eegnet sech beschtens heizou, an et haten sech vill Unhänger a Frënn vun der Musek afond.



De Jugendensembl huet de Concert mat fënnf Stecker an enger Zougab ugefaang, duerno huet déi grouss Musek hire Summerprogramm zum Beschte ginn.

Déijéineg Musikantinnen a Musikanten déi sech nom Concert op een Thüringer oder eng Mettwurscht gefreet haten, haten allerdéngs Pech, wëll et war schon alles opgiess. E klenge Nodeel vun deem gudden Wieder.

E WEIDERE SUCCÈS FIR D'POULETSFEST VUN DE POMPJEEËN



Et ass mëttlerweil eng Traditioun: d'Pouletsfest vun de Schiereener Pompjeeën. Och dëst Joër hu sech vill Leit um Sonndeg no der Braderie am a beim Pompjeesbau afonnt, fir déi gutt Pouletën mat Fritten oder gebootschte Gromperen an Zalot vum Büffet ze schmaachen. Natierlech däerf een den Dessert (ë.a. Kuch, Gebäck, Taart oder eng Schwarzwälder) mat Kaffi nit vergiessen. Ugefaang huet d'Pouletsfest mat engem Concert-Apéritif vun der Schiereener Musék. No puer Täkt Musék wore schon immens vill Leit do, déi dëse Concert-Apéritif ënnert der Leedung vum Dirigent Blaise Stélandre gelauschert hunn.

Nom musekaleschen "Apéritif" fir d'Oueren ass den "Haaptmenü" fir de Bauch zerwéiert ginn. D'Pouletën hunn den Tour um Teller, gedroe vu ville fläissege Hänn, vum Grill via d'"Frittebud" op den Dësch gemeet. Um Dësch ukomm ass d'Waasser am Mond gelaf an d'Aen hu mat Begeeschterung den Teller gekuckt.

Ushléissend gouf den "Dessert" fir d'Séil zerwéiert: den Orchester "Pol a Rosch" huet fir eng flott Ambiance am Nomëttig gesuergt a bei engem gudde Patt ass diskutéiert ginn. Tëschenduerch konnt een een Tour mat der Pärds-kutsch maachen. D'Kanner - an och déi Grouss! - hu beim Oeko-Bassin-Spill a beim Face-Painting matgemeet.





Nit nëmme Leit vu Schieren, mä och vill Pompjeeën a Leit aus der Emgéigend sinn op d'Pouletsfest komm, sief ët fir ze iessen oder e Patt a gudder Gesellschaft ze drénken.

Et kann e lo scho gespaant sinn, wat fir eng "Beilag" bei de Menü vum nächste Pouletsfest d'Pompjeeën zerwéieren. Iwwerraschunge sinn ni ausgeschloss.

- Schiererener Jugendpompjeeën - déi Bescht beim Jugenddag zu Miedernach

Sonndes, de 14. Juli, wor zu Miedernach den zweete Jugenddag vun de Pompjeeën. Déi éischte Kéier huet dëse Concours virun zwee Joër zu Schieren stattfond.

Iwwer 220 Jugendlecher am Alter vun 8 bis 16 Joër goufen an zwou Kategorien agedeelt. An der éischter Kategorie woren d'Gruppen mat Jugendpompjeeën am Alter vun 8 bis 12 Joër an an der zweeter Kategorie déi «Grouss» am Alter vun 13 bis 16 Joër.

A Gruppen zu 4 Leit gung et lass. 14 Spiller stungen um Programm an déi Schiererener Jugendpompjeeën haten zwou Ekippen an der Kategorie A an eng Ekipp an der Kategorie B (Grouss). Geschecklechkeet, Schnelllegkeet, Allgemengewëssen, Logik an Zesummenaarbecht si gefuerdert ginn. Bei der ganzer Saach huet de Spaass nit gefeelt.

D'Waasser, e wichtegt Element bei de Pompjeeën, hunn déi jonk Pompjeeën nit gefäert. Am Géigendeel! Verschiddener woren sou begeschtert dovunner, datt sie hire Kollegen ee groussen Deel ginn haten.

Bei der Präisverdeelung huet dat grousst Zidderen ugefaang. Déi grouss Pompjeeën ëm de Lamborelle's Aly wore gespaant, wéi d'Jugendleeder Tom Gries, Nadia Simon a Jos Nerancic hir Aufgab mat der Jugend gemeeschtert hunn.

An der Kategorie A (am Ganzen 27 Ekippen) ass zum Schluss déi 15. an déi 19. Plaz erauskomm. An dëser Kategorie huet Angelduerf virun Houschend a Miedernach gewonn. Lo war jidderee benzeg, wéi déi "Grouss" ofgeschnidden hunn.

Ugefaang huet et mat der 16 a leschter Plaz. Mëttlerweil ass d'Plaz eestelleg ginn a Schieren ass nach ëmmer nit opgeruff ginn. Hoffentlech ass Schieren nit vergiess ginn hunn der puer gemengt. Op déi drëtt Plaz koum de Préizerdaul mat 1 010 Punkten an nodeems Gréiwemaacher mat 1 174 Punkte "Vize" ginn ass stung et fest: d'Jugendpompjeeë vu Schieren sinn déi Eischt! 1 185 Punkten hu se kritt. D'Freed wor immens grouss bei hinnen a bei de grouss Pompjeeën, déi deen Dag d'Jugend ënnerstëtzt hunn. Nieft enger Coupe krute si och nach e Wanderpokal an all Jugendlechen, deen deen Dag deelgeholl huet, krut e klenge Souvenir.

Virun zwee Joer zu Schieren huet déi nämmlechte Ekipp och gewonn. Zwar nit an der selweschter Kategorie, mä an der «klenger» Kategorie.

E Succès wéi deen do beweist, datt hei zu Schieren eng gudd Jugendarbecht geleescht gëtt an, datt d'Pompjeeën op een zouverlässegen Nowues kënnen zielen an houfreg sinn.

SPORTLEREHRUNG 2002

Traditionell hatten am Freitag den 20. September die Gemeindeverantwortlichen, zusammen mit der Sportskommission, die verdienstvollen Schierener Sportler in die Schankstube der Sporthalle eingeladen.

Nachdem der Präsident der Sportskommission die Gemeindehüupter und die Vertreter der Schierener Vereine begrüsst hatte, stellte er die einzelnen Sportler und Mannschaften vor und ging kurz auf die Leistungen der Geehrten ein. So wurde Manon Schmit, die mit ihrer Mannschaft BBC Etzella Landesmeisterin der "Filles A" wurde genauso geehrt wie Jennie Thomas, die mit der "Filles B" Mannschaft des gleichen Vereines in die 2te Division aufstieg. Zu beiden sei zu bemerken, dass sie zwar in einem auswärtigen Verein spielen, dass es aber diese Mannschaften nicht in einem Schierener Verein gibt und wir sie so ehren.

Dann war die Reihe an 3 Mitgliedern der Schierener Feuerwehr die anlässlich der Landesmeisterschaften der Feuerwehren jeweils einen Podiumsplatz erreichten.

Dies waren der Reihe nach Florine Schailié (3te unter 11 Teilnehmern auf der 25 Meter Strecke), Gilles Gries (2ter unter 60 Konkurrenten auf der 50 Meter Strecke) und schliesslich Nadia Simon (1te auf der 150 Meter Strecke unter 6 Konkurrenten).

Dann konnte zum ersten Male eine Jugendmannschaft des FC.Jeunesse Schieren geehrt werden und zwar die Cadets. Diese hatten in der abgelaufenen Saison das Kunststück fertiggebracht, den Aufstieg aus der 3ten in die 2te Klasse zu schaffen.

Insbesondere sei der Trainingsfleiss des Grossteils der Spieler hervorgehoben da Trainer Mich.Nilles im Durchschnitt 10,7 Spieler zur Verfügung hatte. Es bewahrheitete sich also wieder der alte Spruch: Ohne Fleiss kein Preis.

Schliesslich war die Reihe an 2 Mannschaften die es geschafft hatten auf dem zweithöchsten Niveau in ihrer Sportart auf nationalem Niveau zu verbleiben...die Damenmannschaft des BBC Black Froogs Schieren und die erste Herrenmannschaft des FC.Jeunesse Schieren. Die Damenmannschaft des Basketvereines hatte ihren Verbleib in der Nationale 2 im abschliessenden Playoff gesichert wo sie die 6

Begegnungen siegreich gestalteten und damit auf den 2ten Platz unter 4 Mannschaften kamen und so dem Abstieg entgehen konnten.

Die Fussballmannschaft ihrerseits hatte bereits zum 2ten Male in Folge dieses erreicht und sicherte auch in der abgelaufenen Saison ihren Platz in der Ehrenpromotion. Genau wie im vorherigen Jahr war auch diesmal wieder die Vorrunde die Schwächere. Nach einer starken Rückrunde in der zB. Mannschaften wie Spora, Hamm und der spätere Aufsteiger Rosport besiegt wurden, war am zweitletzten Spieltag mit 30 Punkten der Platz in der Ehrenpromotion gesichert.

Bevor Buergermeister Jos Lutgen die Medaillen und Pokale überreichte, ging er in seiner Ansprache noch einmal auf die hohe Bedeutung die die Sportsvereiner bei der Gemeinde geniessen, ein.

Nicht nur dass sie finanziell unterstützt werden, auch werde jede erdenkliche Anstrengung unternommen um jedem Verein optimale Trainings und Wettkampfstätten zur Verfügung zu stellen. Ebenfalls dankte er den Sportlern die ja mit ihren Leistungen den Namen Schieren würdig vertreten. Ein von der Gemeinde angebotener Ehrenwein beschloss die sympathische Feier.



SCHIEREN: Een Dag OUNI AUTO

Den 22. September huet sech d'Gemeng Schieren un der europawäiter Aktioun „Een Dag ouni Auto“ bedeelegt. Fir d'alleréischt gouf dës Aktioun virun 3 Joer a Frankräich an d'Liewen geruff. Am Grand-Duché waren et dëst Joer 45 Gemengen, déi dës Charta vun der Europäescher Union ënnerschriwwen haten. Een Zil vun dëser Charta war et, fir esou vill Leit ewéi méiglech ze iwwerzeegen, deen Dag emol eng Kéier ouni Auto ze verbréngen; daat zweet Ziel allerdéngs ass et, d'Verkéispolitik an d'Richtung vu méi Liewensqualitéit ze änneren.

Wéi ass deen Dag dann elo zu Schieren verlaf?

Zu Schieren gouf deen Dag vun der Gemeng an Zesummenaarbecht mat verschiddene Kommissiounen an verschiddenen Veräiner organiséiert. Schons vun moies 9.00 Auer un war d'Haaptstrooss vun der Kierch un bis bei d'Montée de Nommern gespaart an et gouf ugefaang d'Strooss ze aménagéieren. D'Strooss selwer gouf durch Hittercher an zwee gedeelt, d'Frittebud, de Karussell an d'Zelt goufen bei der Kierch opgeriicht an et goufen verschidden Sportsatelieren installéiert. Géint Metteg huet eis d'Musék dunne Concert-Apéritif gespillt an no an no hunn sech och eng ganz Rei Leit op der Plaz afond. Ab 14.00 Auer huet sech jidderengem d'Méiglechkeet gebueden, fir entweder een Tour um Tandem oder een Tour mat der Päerdskutsch ze maachen oder fir verschidde Sportsarten auszeprobéieren.



Et gouf och eng Course organiséiert un d'äer d'Kanner, trotz dem Reen, mat Begeeschterung deelgeholl hunn. Fir 16.00 an fir 17.00 Auer war dunn nach e Mountainbike-Tour an e Velo-Tour programméiert an et war een schon iwwerrascht wéi een gesinn huet wéivill Leit sech do drun bedeelegt hunn. Géint 18.00 Auer war d'Aktioun „Een Dag ouni Auto“ eriwwer an d'Haaptstrooss gouf erëm fir den Verkéier opgemeet.



Bleiw just nach vun der Geleeënheet ze profitéieren fir verschiddene Leit nach eng Kéier speziell Merci ze soen:

1. déi Leit déi eis de ganzen Dag iwwer an iirgendenger Form eng Hand ugepaakt hunn an zum gudden Oflaf vun deenen verschiddenen Aktivitéiten bäigedroen hunn.
2. déi Leit déi sech den Dag selwer un der Aktioun „Een Dag ouni Auto“ bedeelegt hunn an domat erlaabt hunn, dass se hirt Zil erreicht huet.

Desweideren ass d'écidéiert ginn, fir d'Recetten vum Dag engem gudden Zweck zoukommen ze loossen.

Schmitz Marc

Scheckiwwerreechung vun der Härenekipp

Den 23. September war et nees eng Kéier sou wäit: D'Härenekipp huet, wéi et bei hir schon eng Traditioun ginn ass, e Scheck un eng sozial Institutioun iwwerreecht. Dës Zomm setzt sech zesummen aus den fräiwëllegen Spenden vun den Zuschauer an den Aktiven vun deem traditionelle Päischtméindegtournoi, wou niewt der Härenekipp nach Ekippen vum Basket, Jugend, Musek, Pompjeeën an Tennis deelgeholl hunn. Zu deser klenger Feier waren duerfir och jeweils 2 Verrieder vun deene Veräiner invitéiert ginn. Et war am Comité vun der Härenekipp decidéiert ginn, dest Joer den Don un „Handicap Mental“ vum CHNP vun Ettelbréck ze maachen, besonnesch och duerfir well een Aktiven vun der Härenekipp, an zwar de Carlo Garson, ganz staark an deen Projet mat agebonnen ass.

Den Jos Lutgen huet a senger Reed op d'Traditioun vun der Härenekipp higewisen, all Joer hiren Beitrag ze leeschten fir enger gemengnëtzeger Vereenegung finanziell e bëssen ënnert d'Ärem ze gräifen, hien huet nach eng Kéier allen Bedeelegten, Aktiven wéi Zuschauer, e groussen Merci ausgeschwat, fir hir generéis Partizipatioun. Hien huet och erklärt firwat dest Joer „Handicap Mental“ een Don kréich, nodeem d'Härenekipp „Liewen Dobaussen“, eng aner Organisatioun vum CHNP schon ënnerstëtzt hat. Duerno huet de Jos ënnert dem Applaus vun den bedeelegten Leit e Scheck vun 1250 Euro un den Jean Feith, Direktiounsbeoptragten vun „Handicap Mental“ iwwerreecht.

Den Jean Feith huet bei séngem Merci fir desen Geste de groussen sozialen Engagement vun den Schiereener Veräiner

betount, vun deem di verschidden Organisatiounen vum Ettelbrécker Spidol schon profitéiert hunn. Duerno huet hien e puer ganz interessant Detailer ginn fir den Leit de Projet „Handicap Mental“ z'erklären.

„Handicap Mental“ ass niefen der Psychiatrie mat 270 Better an der Maison de soins spécialisée mat 120 Better dat drëtt gréissert Departement vum CHNP Ettelbréck. An him sinn 62 geeschteg behënnert Leit agebonnen. déi hei socioedukativ Betreuung an Wunn- an Dagesstrukturen ugebueden kréien. E Staw vun 54 Leit bekëmmert sech em des Patienten, 20 Educateuren an 34 Professions de santé. D'Leit sinn zu Angelduerf an 2 Heiser mat je 6 Persounen an an 3 Pavillonnen zu Ettelbréck ënnerbruecht. Den Altersduerchschnëtt ass 42 Joer mat an der Moyenne 20 Joer Präsenz am CHNP. Den Zweck vun „Handicap Mental“ ass fir des Leit een aneren Wunn- an Aktivitéitsberäich ze schafen, wou den Accent op Fähegkeeten an nit wi fréier op Defizitter ze leeën. Sou sinn di 62 Leit an engem Dagesprogramm vun moies 9 bis mëttes 5 Auer, wou si di ënnerschiddlechst Aktivitéiten wéi Molen, Bastelen, Kiren, Beem an Hecken schneiden oder Víz maachen, ënnert den Uleedungen vun Moniteuren ausféieren. Fir des Aktivitéiten gëtt och eng Okkasiounscamionette gebraucht, an den Don vun der Härenekipp gëtt dann och fir des Uschafung matgebraucht.

Duerno gouf allen Bedeelegten nach eng kleng Agape servéiert, déi an bekannt perfekter Manéier vun den Dammen Kichekuederen vum Supporterclub virbereet gi war.

Chorale CAECILIA
AUSFLUG OP WIEN

„Wien, Wien, nur du allein“



Des Melodie haten d’Komiteesmemberen vum Schiereener Gesangveräin bestëmmt am Ouer, wéi si Wien als Zil vun hirem Ausflug 2002 an d’A gefaasst haten. Mam Fliger, fir verschidde Memberen eng Première an hirem Liewen, gung et moies de 15. Juli fir 4 Deeg an d’Stad vun der Musék. Bei der Landung huet et riicht eran gereent. Mä glécklecherweis war eisen Här Paschtouer mat vun der Parti: hien huet seng Relatioune beim Péitrus spille gelooss an mëttes huet d’Sonn gelaacht. Sou konnten eis Sänger a Sängerinnen bei guddem Wieder gemittlech op de Spuren vum Sissi an dem Franz-Josef déi schéin Habsburger-Metropol erkunden.



D’Schiereener Sänger a Sängerinnen virum Prënz Eugen sengem Schlass Belvedere

MATDEELUNG

Aus organisatorésche Grënn muss dee fir de 27ten Oktober geplangte Concert Spirituel leider op d’nächst Joer verluegt gin, an zwar op sonndes, de 16te März 2003.

OPRUFF

Wéi schon an der leschter Generalversammlung vun eisem President Jos. ZEIMES ernimmt, sicht eise Veräin dringend nei Memberen. Fir datt de Schiereener Gesank Iech och an Zukunft nach eng feierlech Hochzäits- oder Begriefnesmass sange kann, maachen mir een Appell un all Schiereener Leit, déi Loscht a Freed um Sengen hun sech bei eis ze melden.

All neie Member, ob Mann, ob Fra oder Kand ass häerzlech wëllkomm.



Generalversammlung
vum Indiacca:

Freides, de 25. Oktober 2002
an der Buvette vun der Sportshal



Indiacca Schieren asbl

Heimat invitéieren mir lech Duerfleit,
de 26. Oktober 2002
an d'Sportshal ze kommen.

Hei ass vun 14:00 Auer un

Dammen – Championnat

vum Indiacca.

Kommt Äer Schirener Ekippen ënnerstëtzen,
a loosst lech ët bei engem gudde Patt
an engem frësche Stéck Taart
bei eis gutt goen.

Mir frëen eis op Äre Besuch!

MOIEN BUET LOUIS

*Moien Buet Louis, wéi war et an der Vakanz?
D'Schoulvakanz an de Summer ginn dem Enn zou
Déi déck Hëtzt an de massegeng Reen waren eng Plo
Ma loosse mer net kloen et hätt kënne vill schlëmmer ginn
Mir haten vill Chance, nodeem mir di grujeleg Biller gesinn.*

*Vu Pengschtméindeg wëll ech nach ëppes soen
Um Terrain hunn sech flott Fousballmätcher zougedroen
D'Duerfverainer wollten géint anerer untrieden
Wien wuel de beschte Mätch géif ubidden
D'Härenekippen huet sech als Beschte ervir gedoen
Si hunn deene Jonken eppes virgemaach, dat muss e soen
Mat vill Bravo si si vum Terrain begleet ginn
An mat kalem Gedrénks an der Buvette empfaange ginn.*

*Vun eiser Fousballsekippen mussen mir agestoen
Si hu sech gut gehalen an daper geschloen
Di nächst Saison spillen sie ëmmer nach Eierepromotioun
A mir Schiereener si stolz op déi Positioun.*

*Vum Tour de France gouf vill am Land geriet
An iwwerall an ronderëm vill virbereet
Hei zu Schieren war de 7. Juli vill lass
Well hei hat den Tour och seng Pass
D'Jugend huet Dëscher opgestallt mat Bänken
Do konnten mir eis eng Sätzplaz fänken
Bei Humpen, Thüringer oder Grillkotlett
Hu mir eisen Duscht an Honger gestëllt
Well fir ze kachen hat mëttes ken Zäit
Et muss een op d'Strooss wann e gären vill geseit
Vun esou enger Geleeënheet muss e profitéieren
Well nët all Joer kann een esou een Tour suivéieren.*

*Mount fir Mount kënnt e Veräin bei eis ugezunn
An dréit eis eng Eierememberskaart un
Die bezuelen mir gären ouni vill ze schwätzen
Well domat hëllefen mir d'Veräiner ënnerstëtzen
Mir si frou mat eise Veräiner am Duerf
Duerfir wann sie kommen gët hinnen net de Kuerf.*

*Alle Leit déi an d'Vakanz waren oder eréischt ginn
Wënschen mir si gesond a monter erëm ze gesinn
Äddi bis am nächsten Buet Louis.*

Butzen aus der BUTZENSCHOU



BUTZESCHOU

Lanners Nadine – Freitas Leandro – Goncalves Lorry –Glover Joyce - Halsdorf Etienne –
Rodrigues Andrea –Soares Patricia – Reinert Pit – Theis Gilles – Santos Magalie – Mohnen Kim – Weber Halsdorf Sandie
Duarte Malika – Neu Christian – Pereira Philippe –Majerus Michael – Rodrigues Alexandra –
Soares Patricia – Goncalves Steve
Manque sur la photo Frising Kilian

Elo gëtt et schons zënter engem Joer eng Butzeschoul zu Schieren
... an an deem Joer hu mir ganz vill erliewt:
mir sinn geplënnert, hunn eis Schoul ageweit an déi meescht Butze vum leschten Joer
sinn elo sou grouss datt si schons an d'Spillschoul ginn.
Fir dëst Schouljoer sinn 22 Kanner am 'Précoce' ageschriwwen,
a mir sinn sécher datt mir och dës Kéier vill wärten zesummen erliewen

Joffer Sandy WEBER- HALSDORF

SPILLSCHOUL vum Nathalie PIAIA a Claudine SCHMITZ



Schierener Spillschoulskanner Joergang 1997/1998

1. Rei
WEBER Eve
MORAIS MONTEIRO Kelvin
MARTINS Jessica
THEIS Bryan
BODSON Jenny
BERARDI Moreno
TOTARO Luca
TEXEIRA TRUTA Ricardo

2. Rei
PIRON Emilie
PARDAL MARCELA Inês
ZANIER Loris
JUNG Valentine
FORTES Esteban

Nit op deser Foto drop:
LOCK Béatrice – MARBES Ronny

No enger Puppelcherspau vum engem Joer sinn ech rem do!
Zesumme mat menger Kollegin dem Claudine, deele mir eis d'Aarbechtswoch an der Schoul.
Mir freeën eis all op e ganz flott Schouljoer !
Nathalie PIAIA



- 1 CONTE Giovanna
- 2 WOHL Chris
- 3 FIGUEIRAS Elisabethe
- 4 GUIDICE Damien
- 5 MARTINS Raphael
- 6 ZANTER Tom
- 7 MARTINS CARVALHO Vanessa
- 8 TOTARO Melissa
- 9 BAULER Isabelle
- 10 LEUCK Mara
- 11 WIRTH Henri
- 12 DELGADO Briget
- 13 TIMOTEO Carolina
- 14 PINHEIRO TAVARES Artur
- 15 ANTUNES RIBEIRO Samuel
- 16 KUGENER Lynn

Joffer: Elvire DECKER-MARBACH

T'ass Hierscht an d'Schoul ass nees un!

Mir sinn frou, dat kënn Dir hei gesinn. Dëst Joer komme mir zu vill aus der Butzeschoul a wossten dofir schons gutt wéi et geet. Kee Kräischen an kee Faerten.
Souguer eis Joffer wosst gutt Bescheed, well Si huet dest Joer fir 30. Kéier déi kleng Débbessen zu Schieren an der Spillschoul empfaang.

Joffer Elvire DECKER MARBACH

AUSFLUG MAT DE MASSENDENGER



Och dest Joer hunn mir een flotten Ausflug gemeet. Mam Bus waren mir op Brühl an d'PhantasiaLand gefuer. Och déi Colmar Massendénger hatten sech eis ugeschloss an mir konnten zesummen een flotten Dag am Park verbréngen.

Den 13. September war een gudden Dag, d'Wieder war optimal an mir haten keng Waardeschlaangen bei de Spiller.

Midd an zefridden hun mir äis géint 17.00 Auer op d'Heemrees gemeet.

Et ass just schued, dass esou een Ausfluch leider eis Kees komplett sprengt.

No der Sommervakanz sinn mir elo erëm prett, fir eis Aufgaben als Massendénger mat neier Freed an Kraaft ze iwwerhuelen.



Repas sur roues



*Sidd Dir e bëssen schlecht drop oder krank,
d'Kachen seet lech näischt oder
d'geet iech nët méi esou richtig vun Hand,
huel den Telefon a mat e puer Wieder,
bestellt lech einfach „lessen op Rieder,“*

*Heiansdo, all Dag,
oder zweemol an der Woch,
d'ass egal wéi oft,
Sonndes an d' Feierdeeg kritt Dir et och.*

*Zopp, Fleesch, Gromperen, Nuddelen,
Geméis an Zalot, un alles ass geduecht,
esouguer een Dessert,
wann Dir schneekeg sidd,
get derbäi geluecht.*

*Wann Dir interresséiert sidd,
a weider Detailer braucht,
ruft an der Woch un,
op der Gemeng,
an Samsdes/Sonndes/Feierdeeg
bei Garson Nic:
Tel. 819398
oder Hess Raym :
Tel. 810371.*



Sëcher zu Lëtzebuerg

Die Police Grand-Ducale informiert

Hosingen:

Am Freitag, dem 5. Juli, kam es gegen 21 Uhr in einer Privatwohnung im Umgang mit militärischen Sprengstoffen zu einem folgenschweren Unfall, wobei eine Person getötet und eine weitere schwer verletzt wurde.

Um die Gefährdung mit detonationsfähigem Material zu verringern, dürfen wir der Unvernunft keine Chance geben.

Das Lagern von explosionsgefährlichen Stoffen in Wohnvierteln bringt Leben in Gefahr. Deswegen ist auf diesem Gebiet Schweigen lebensgefährlich.

Schützen Sie sich und Ihre Nachbarn.

Wenden Sie sich vertraulich an Ihre lokale Polizeidienststelle oder an die Section de Recherches in Diekirch (Tel. 80 31 86 - 800).


Wir wollen, dass Sie sicher leben.

Ihre Police Grand-Ducale

SCHIERENER MANIFESTATIONSKALENNER *fir November an Dezember*

DATUM	DAAG	MANIFESTATIOUN	ORGANISATOR
09.11.02	SAMSDEG	LETZEBUERGER UUCHT	FOOTBALL
15.11.02	FREIDEG	GENERALVERSAMMLUNG	TENNIS
23.11.02	SAMSDEG	GENERALVERSAMMLUNG	MUSEK
30.11.02	SAMSDEG	NIKLOSFEIER	MUSEK
01.12.02	SONNDEG	BÄRBELENDAGFEIER	POMPJÉÉEN
05.12.02	DONNESCHDEG	DE KLEESCHEN KËNNT	JUGEND
10.12.02	DËNSDEG	CHRËSCHTFEIER	FRAEN AN MAMMEN
14.12.02	SAMSDEG	GENERALVERSAMMLUNG	CTF
15.12.02	SONNDEG	CHRËSCHTMAART	POMPJEEËEN
18.12.02	MËTTWOCH	CHRËSCHTFEIER	AMIPERAS
24.12.02	DËNSDEG	METTEN	
25.12.02	MËTTWOCH	CHRËSCHTDAG	
31.12.02	DËNSDEG	SYLVESTER	

(SOURCE: FESTKALENNER VUN DER KULTUR AN FESTKOMMISSIOUN)



Commune de Schieren